Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 7. September 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Bausseminister weiderzeleeden.

Lëtzebuerg ënnerstëtzt d'Ukrain am Konflikt mat der russescher Federatioun och militäresch. Aktuell gëllt an der Ukrain den allgemenge Militärdéngscht a Männer tëschent 18 a 60 Joer dierfen d'Land net verloossen.

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Bausseminister gär dës Froe stellen:

1) Kann den Här Minister matdeele wéi vill männlech ukrainesch Staatsbierger tëschent 18 a 60 Joer sech aktuell zu Lëtzebuerg ophalen an ënnert wéi engem Statut?
2) Kann den Här Minister matdeelen, ob a falls jo wéi vill männlech, ukrainesch Staatsbierger aus där genannter Alterskategorie nom 24. Februar 2022 nach eng Openthaltsgeneemegung zu Lëtzebuerg kruten. Kann den Här Minister preziséieren ënnert wéi engem Statut dës Openthaltsgeneemegungen ausgestallt gi wieren a wéi wäit d'Regierung zu potentiellen Deserteuren am Austausch mat den ukraineschen Autoritéite steet?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten